N°2548
Entrée le 02.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.07.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil weiderzeleeden.

De Biergerpakt ass eent vu 4 Instrumenter déi mam Gesetz vum 23. August 2023 iwwert d'interkulturellt Zesummeliewen agefouert gi  sinn. De Biergerpakt riicht sech un all volljäreg Persoun déi zu Lëtzebuerg lieft oder schafft. D'Signataire vum Biergerpakt hunn déi moralesch Verflichtung sech um Prozess vum interkulturellen Zesummeliewen ze bedeelegen an déi domat verbonne Wäerter ze ënnerstëtzen.

Am Kader vum Biergerpakt gëtt et och d'Méiglechkeet u Sproochecoursen a Civiquescoursen deelzehuelen. Fir d'Demandeuren a Beneficiaire vu protection internationale (DPI a BPI), gëtt et och d'Méiglechkeet fir eng sproochlech Integratioun, déi vum Service de la formation des adultes assuréiert gëtt. Dat si gratis Alphabetiséierungscoursen op Franséisch esou wéi Ufängercoursen op Franséisch.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Persounen hu bis elo a pro Joer de Biergerpakt ënnerschriwwen? Wéi vill vun dëse Persoune waren DPI, BPI oder Frontalier?
- Wéi vill Persounen hu bis elo vun der Offer u Sproochecoursen a Civiquescoursen am Kader vum Biergerprakt profitéiert? Wéi vill vun dëse Persoune waren DPI, BPI oder Frontalier?
- Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung getraff, fir DPIen a BPIen iwwer de Biergerpakt ze informéieren a si dorop opmierksam ze maachen?
- Wat sinn déi verschidden Offeren un Alphabetiséierungs- a Sproochecoursen, déi DPIen a BPIen zur Verfügung stinn? Wéi vill DPIen a BPIen hunn an deene leschten dräi Joer vun dësen Offere profitéiert?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu